

Rapport vun der CCSport 03/2022

Presenzen

Present	Net present
Nicole, Manou, Patrick, Joske, Mich, Anny, Pit , Joe an Miguel	Pierre an Marcel(2x entschëllegt)

Punkt 1 : Usprouch vun der Presidentin

D’Nicole begrüsst all d’Memberen vun der Kommissioun.

Punkt 2 : Unhuelen vum leschten Sätzungsbericht

De Sätzungsbericht vum 22.Januar 2022 gëtt unananim vun der CCSport ugeholl.

3)Eierung Charel Grethen

Mir fannen et extrem bedauerlech, datt mir bis dato nach keen Feedback vun dem Schäfferot kritt hunn, wat dem Charel Grethen seng Eierung ugeet! D'Nicole huet et aus dësem Grond nach eng Kéier op Dagesuerdnung setzen geloss.

Am Fall wou eisen Avis als CCSport gefrot wier, missten mir eis Zäitno zesammensetzen. Dofir froen mir den Schäfferot respektiv Gemeng, ob mir als CCSport eppes organiséieren sollen oder net?

De Joske informéiert Kommissioun, datt zwee oder dräi net konfirméiert Datumer am Raum stinn, wou de Charel Grethen géif zur Verfügung stoen. Dem Joske seng Iwwerleeung wier et dës Eierung eventuell mat der Sportleréierung zesummenzemaachen. Wéi gesot, mir als CCSport waarden op een Feedback vun der Gemeng.

4)Flyer Schnuppercours Badminton+Personaltrainerin Tania

D'Nicole iwwergëtt eis de Flyer vum Badminton fir „d'Journée de découverte“. Dësen Flyer ëmfaasst sämtlech Donnéeën, déi fir dës Schnupperdeeg noutwendeg sinn. Dëse Flyer kënt och an d'Spéngel hänken.

Wat d' Tania(Personaltrainerin) ganz genau wëll ubidden, klärt de Joske nach mat him. Hien setzt sech mat him an Verbindung fir dës Détailler ze klären. Säin Flyer kënt no.

D'CCSport ass zum Fazit komm, datt eng Kontaktpersoun vun der Gemeng net schlecht wier, wann et an noer Zukunft eventuell zu Froen kéim, wat dës Schnuppercoursen uginn.

D'Iwwerleeung vun der CCSport ass et dës Schnuppercoursen vum 19. März 2022 bis den 16. Abrëll(mat abegraff) gratis unzebidden.

D'Memberen vun der CCSport sinn och present den 19. März 2022

Wéi et no de Schnuppercoursen weidergeet, gëtt zu engem spéideren Zäitpunkt decidéiert an natierlech och kommunizéiert. Wat awer sécher ass, datt no dësen Schnuppercoursen de Participant ee klénge Forfait bezuelen muss.

5)Nuit du Sport-édition 2022

Et wier flott, wann d'Gemeng sämtlech Clibb an der Gemeng „Helperknapp“ kéint uschréiwen, dëst fir ze wëssen, ween oder wéivill Clibb iwwerhaupt intresséiert wieren fir ze participéieren.

Anhand vun dësem Feedback, kéinten mir als CCSport an enker Zesummenaarbecht mat der Gemeng eng Informationsversammlung ofhaalen. D'Clibb missten sech allerdéngs bis den 18. März 2022 bei der Gemeng mellen. Mir als CCSport sinn unanime der Meenung, datt dësen Daag eng gutt Geleegeheet wier fir eis Gemeng ze promouvéieren.

6)Verschiddenes

Déi nächst Versammlung ass fir den 21. März 2022 ëm 20 Auer an der Gemeng zu Tënten virgesinn.

mat sportlechen Gréiss

Joe Heinz

Sekretär vun der CCSport